

Linda Bonvini / Larisa Faber / Yannick Géraud / Marta Vidal

# Quarter Life Crisis IV

**Quarter Life Crisis est une pièce-collage qui a pour sujet le chômage, en particulier celui des jeunes, et la Quarter Life Crisis» (crise du quart de vie) qui touche de nombreux de jeunes entre la fin de leurs études et le début de la vie active.**

La pièce a été développée à partir d'exercices d'improvisation et d'écriture automatique.

## Exemples d'écriture automatiques

"An, wat schaffs du?"

Jo..ma ech wurschtlen e bessi. Nee, dat stemmt guer net. Ech gi mech deck vill drun. So dat mol bessi mat Stolz.

Du hues deng Schoul gepackt, deng Uni. Alles gut, alles tiptop. Lo muss du eben einfach bessi sichen. Dat ass net wurschtlen. Geff där Zeit. Sief fein mat där selwer. Lee deng Laat net sou héich. Alles wärt schon glaat goen. Net opginn, net verzweiflen.

"Ech schaffen beim Staat". Ma schéin fir dech. Ech well eppes Aaneschtes. Ech riskéiren eppes. Och wann ech mein Gléck riskéiren. Keng Loscht op irgend sou e Scheiss.

Tick Tack

Tick Tack, Tick, Tack, Gleichschritt.

Nemmen net ophaale mat laafen, schéin am Laafrad, am gellene Käfeg bleiwen. Zack zack, oppassen, dass d'Zait net fortleeft.

Séier, séier, séier!

STOP!

Ech hun Zait.

Ech huele mir Zait.

Kee Stress, ech bestimmen, wéi, wat, wou.

Zait ass keng Fatalitéit, mee eng Chance.

Sech Zait huelen fir an sech ze goen, fir ze fillen wat ech well.

Stop, ech well net méi laafen, ech well tanzen, otmen, Tick Tack Tuch yeah! Ech lauschtren op mein eegene Rhythmus.

De Chômage ass eppes wat mir kennen an trotzdem färten. Leiden gehéiert dozou. D'Liewen ass net einfach. Wann een net schafft, ass et heiansdo méi schwéier mat Leit a Kontakt ze kommen, et sief dann et ass een en natirleche Kommunikator. Mee wann een et net ass, huet..

## Improvisation

Ech maachen alles ech overachiever, très bien Premièresdiplom, Bachelor, Master, keng Drogen minimale Sex, Alkoholkonsum nëmmen an de gesetzlech virgeschriwwenen Quantitéiten. Besonnesch gutt schaffen ech am Pub an der Kichen do sinn ech de Kichemeeschter mat menger blo-wäiss karéierter Box, Master vun der Mikrowell. Fält de Buerger op de Buedem - BAM! - dann zielt d'3 Sekonne Regel, wann s du en ophiewe banne vu 3 Sekonnen ass en nach gutt an e kennt rëm op de Grill.

Quarter Life Crisis, ech wosst guer net dass et sou eppes gëtt, dass et dofir och nach e Numm gëtt, souguer eng ganz Generatioun an dofir lauter Tiräng - Generatioun Y, Boomerang Generatioun, Peter Pan Generatioun - wat huet dat mat mir ze dinn? Ech war dem System treu, all Regel, all Struktur befollegt, de Studium war meng Relioun, alles opgesaugt, ëmmer motivéiert, Muster-Schülerin. A Konscht hunn ech och net gemaach, mee fir Ingenieur. Bal 30 a wunnen rëm bei den Elteren, de ganzen Dag...Am Ufank war ech nach voll motivéiert. Duerno no 4, 5 dunn op emol 6 Méint do fält engem net méi sou vill an, wisou ee mech astelle soll an net deen nierwt drun an...

...jo ech hunn Angscht virun der Zukunft, virun allem wat passéiere kann oder schlëmmer dass näischt passéiert. Oops do ass déi éischt schonn! Ma nee seet d'Frëndin dat sinn dach nëmmen Mimikfältchen, du bass deshydratéiert. Einfach méi drénken an hei nach eng Crème. Moies an owes gell? Oftuppen net verreiwen soss gëtt dat näischt.

Ufanks wor et nach ok, jiddereen geet säin eegene Wee, ufanks hunn ech nach gemengt klenglech-spießbürgerlesch-west-kapitalisch Problemer. Du kanns alles maachen an ech hunn alles gemaach fir dass ech alles maache kann an lo maachen ech alles ausser alles maachen. Quarter Life, do geet d'Liewen richteg lass! Lo hunn ech nëmmen nach Panik. Stop! Nee! Sief locker, sief selbstbewusst, net opginn, net verzweifelen, géff dir Zait. Jo mee...d'Auer tickt an ech bleiwen stoen. NEXT! Soy un perdedor, I'm a loser baby, so why don't you kill me?